

Diddeléng an schwé'rer Zäit.D'Geschicht vun der Lëtzebuenger Jugend am 2te Weltkrich

Animateur : Dir sidd op Radio Diddeléng 103,9 ageschalt.

An dénen 2 vergangene Sendungen hu mir erklärt wéi et zum 1. te Weltkrich kum, wat séng Folgen sowuel fir Europa wéi och fir Diddeléng waren a Vergleicher mat haut gezunn.

Wéll den Adolf Hitler, Führer vum Deitsche Reich, och d'Verantwortung gedroen huet fir Lëtzebuerg ze iwerfalen, ze annektee'eren an séng Jugend ze zwangsrekrutéieren wëlle mer haut ënnersichen wé a firwat hien un de Pouvoir kom ass.

Béi eis am Studio och erëm déi Hären Jos Weirich a Jos Benoit, Landespräsident vun den edf respectif Präsident a Secretär vun der Diddelénger Sektoun. *ministère de justice*

Här Weirich wat sinn är Erënnerungen un den Hitler ?

Weirich : Natirlech, nët déi bëscht. Schons als Primärschüler hu mir bei onsen Elteren nogelauschtert wat sech alles déi Sait der Musel zogedroen huet.

Den Hitler, an Eistreich gebuer, vu Beruff Ustreicher hat den 1. te Weltkrich als Zaldot matgemat.

Wéi mir déi lëscht Woch gesinn haten ass no der Kapitulation vun Deutschland, do alles zimlech duerchernéen gangen. Kéng zolid Regierung kritt d'politesch Lag fest an d'Hand. An des Zäit fällt och d'Grënnong vun der "Nationalsozialistescher deutscher Arbeiterpartei", kurz NSDAP genannt.

1921 gëtt den Hitler Parteipräsident vun der NSDAP an 1923 ass hir 1. Parteitag mat énger Participatioun vun 5.000 S.A. Männer. Des S.A. Männer sinn de Schléiertrupp vum Hitler, mat déenen hien per Gewalt d'Soen wëllt kré'en an sech géngtiwer aner Parteien duerchsetzen. Speziell géngt d'Kommunistesch Partei déi hirerseite och esou e Schléi'ergrupp op d'Bén gesat hat a Form vun énger roudere Armei.

Vum 8. op den 9. November 1923 ënnerhëllt den Hitler zesummen mam Generol Luddendorf e Putsch déi féel schléit. Den Hitler gëtt verhaft, kënnt an de Prisong, gëtt zu 5 Joer Haft verurtélt mä kënnt awer no éngem Joer néis frei.

Am der *Prisong* ~~Haft~~ schreiw hien séi Buch " Mein Kampf" dat esou ze soen d'Oktrin vun der nationalsozialistescher Partei soll ginn.

Wéll Preisen nët nokoumen mam Bezuelen vun de Reparatiounsscholden besëtzen franseisch a belsch Truppen d'Rheinland den 11. Januar 1923 an dée selwechten Dag démonstréieren d'Nationalsozialisten zu München géngt d'Regierungsparteien déi 1918 de Friddensvertrag mat den Alliéierten ënnerschriewen haten. Héi zu München ass dann och den 26. Abrëll déi grouss Klepperei teschend der SPD der KPD an der NSDAP.

*also d'Legislatioun
Public Administration*

Doerobber hin gëtt an verschiddene deutschen Bundesländer d'NSDAP verbueden. Awer hir Unhänger gi sech net an den 1. Mee versichen SA Sturmtruppen d'Meefeieren vun de linken Parteien ze steieren, a sinn déemols schon mat Maschinengewierer ausgerüst. Dorops grënnt d'Kommunistesch Partei proletaresch Honnertschaften, éng Art militäresch Verbänn.

Vun elo un iwerschloen sech ^{man} zesoen d'Erengesser:

Den 29. September verbitt déi deutsch Regierung den "Völkeschen Beobachter" d'Zeitung vun den Nazien.

Den 30. September verurteelen déi deutsch Bëschhéf den Nazionalsozialismus.

Wëll se färten dat an Deutschland geschwönn de Biergerkrich ausbrecht, rift d'Sowjetunion op, déi deutsch Kommunisten ze ënnerstëtzen.

D'Regierungen ^{sih gënzlich am dunn} vun déenen verschiddenen deutsche Länder briechen Bezeihungen of esou z.B. dat rechtsgericht Bayern brécht mat dem lënksgerichteten Sachsen.

Den 23 Oktober schléet d'Hamburger Polizei ~~een~~ kommunisteschen Opstand nidder. A Bayern gëtt d'NSDAP an déi rechtsradikal Verbänn Oberland an Reichsflagge sowie d'KPD verbueden ~~an~~ ^{an} och hir Zeitunge an Zeitschrëfften.

Dunn de Putsch vum 8. op den 9. November an den Hitler gëtt an der Festung Landsteig an Lech inhaftéiert.

Vun 1924 bis 1929 hu mir an der virechter Sendung gesinn dass d'Weltwirtschaftslag sech gebessert hat mä no 29 geet erëm éng grous politesch a Wirtschaftskrisis un, an 1932 huet Deutschland 6 Milliounen Aarbechtsloser. Dëst war ~~och~~ ^{och} de richtigen Närebedem fir dass d'NSDAP ëmmer méi Unhänger kritt.

D'Nazionalsozialisten hun elo am Reichsdag 107 Sätz. D'Kleppereien sinn nach wéi vor a l'ordre du jour. Den Déitschnationalen Frontkämpferverband "Stahlhelm" an d'NSDAP hëtzen géint déi demokratesch gewielten Regierung. D'S.A. an d'S.S. an de Kommunisteschen Frontkämpferverband lieweren sech all Dag Strosseschluechten.

Béi de Wahlen den 10. Abrëll 1932 gëtt den Hindenburg géint den Hitler an den Thälmann erëm zum Reichspräsident gewielt, awer bei der Reichstagswahl ^{an} vum 31. Juli kritt dem Hitler séng Partei 230 Sëtzer.

Den 30. Januar 1933 beriff den Hindenburg den Hitler zum Reichskanzler déen dorophon nëmmen senger Leit an senger Regierung hëllt.

Et këntt dann den historischen Datum vum 27. Februar, wou zu Berlin de Reichstag brënt vun den Nazien selwer ugestach an de Kommunisten zu Laascht gelueht. Eng Verhaftungswell setzt an.

Am Reichstag hun d'NSDAP a Sympatisanten 520 Sätz. Mat dëser Majoritéit lësst sech den Hitler de 24. März ^{dur}gesetzgebend an ^{ausföhrend}ausföhrend Gewalt iwerdroen. Dat ass d'Enn vun der parlamentarëscher Republik.

Sämtlech Oppositionsparteien ginn ofgeschafft an et bleiwt just éng Eenheitspartei, d'NSDAP, an éen Eenheitsstaat.

D'Judden kréien d'Biergerrechter oferkannt. Et dierf kéen Arier méi e Judd bestueden. D'Judden mussen hiert Vermeigen an déi déi auswanderen mussen en Déel vun hirem Vermeigen zeréeklossen. *offizieren*

D'Ausrottung an de Vernichtungslageren als ~~KZ~~ Konzentratiouns Lager bekannt / fänkt un. E Volleksgericht gët agesat. Politësch Geigner a Krimineller, wéi och déi éische Geeschlechter verschwannen an den Kz ter. *offizieren KZ*

Sämtlech Jugendorganisatiounen ginn ofgeschafft an èt gëtt nëmmen nach éng Staatsjugend : d'Hitlerjugend ofgekirzt H.J.

Den 30te Juni 1934 raumt den Hitler esouguer an den égenen Reien a léisst séi Frënd a Kampfgenossen a Chef vun der S.A. de Röhm mat nach aneren féirenden Persënlechkeeten ëmbrengen.

Den 2. August stievt den Hindenburg an den Hitler iwerhëllt d'Amt vum Reichspräsident bei dat vum Reichskanzler an huet esou och de Kommando iwert d'Armei.

Am März 1935 féiert den Hitler d'allgeméng Wehrpflicht an a besetzt e Joer drop mat der Wehrmacht, dat entmilitariséiert Rheinland.

D'Reichstagswahlen bréngen dem Hitler des Ké'er 99 % vun de Stëmme. Vum Oktober bis November 1936 schléisst den Hitler Verträge mat Japan an Italien, woeraus déi sogenannt "Achse Berlin, Rom, Tokio. *enthalten*

An Italien ass den Diktator Mussolini um Rudder, iwerfällt Abessinien an erklärt et als italienesch Kolonie.

A Spunien brécht am Juni 1936 de Biergerkrich aus. D'Volleksfront: *Zusammenfassend* bestehend aus Republikaner, Sydikalisten an Kommunisten géint de rechtsgerichte Regim vum Generol Franco.

Deitschland an Italien hëllefem dem Franco a probéieren do hir Waffen aus déi am 2te Weltkrich an den Asatz kommen.

Frankreich an Russland hëllefem den Ageren mat Fräiwëllegenverbänn.

Am Januar 1939 ass de Krich zu Gonschten vum Franco eriwier.

1937 haten Japaner China iwerfall, woerobberhin d'Amerikaner den Handelsvertrag mat de Japaner kënnegen.

Schon 1933 hat Eistreich den Handelsvertrag mat Deitschland gekënnecht a sein Bundeskanzler Dollfuss verbitt d'nationalsozialistesches an d'sozialistesches Parteien. Hien gëtt am Juli 1934 bei éngem nationalsozialisteschem Putsch ermuerd.

1936 gëtt de Schuschnigg eistreichesch Bundeskanzler a wéns der Krichsgefoer mat Deitschland féiert hien Generalmobilisatioun an a wëllt éng Volleksostëmmung ofhalen.

Duerch en Ultimatum vum Hitler muss hien zerécktrieden an den 11. März 1938 besetzen déi deitsch Arméen Eistreich, wat dunn den Hitler kuerze hand un deitsch Reich uschlësst.

Am August dat selwecht Joer verlangt den Hitler d'Sudetenland erëm, heirops mobiliséieren d'Tschechen.

Den 29. September 1938 ass zu München éng grouss Konferenz un déer den Hitler, Mussolini, Chamberlain an Daladier déelhuelen.

Nach éng Kéier gi si dem Hitler séng Fueerderongen no, wéll héen hinne verspricht dat dëst séng lëscht Wënsch wäeren an den 1. Oktober gëtt d'Sudetenland besat an den 16. März d'Joer drop kritt hien och nach Böhmen a Mähren.

Den 7. Abrëll 1939 besetzt den Mussolini Albanien.
De Roosevelt warnt dorophin den Hitler an de Mussolini sëch vun aneren Iwerfäll ze enthalen.
Dofir schlësst den Hitler ~~den~~ Netugrëffspakt mat Estland, Lettland an Dänemark a kënnëcht awer ~~dëen~~ mat Polen.

Et richt also verdeiwelt stark no Krich an dofir féiert och England d'Generalmobilisatioun an.

Dem Hitler geléngt den 23. August 1939 ~~éem~~ vun séngen grëssten Täuschungsku'en: Hien schleisst mam Stalin an Netugrëffspakt of a sprécht de Russen Estland, Lettland, Finland an Ostpolen zou. Fir sech hält hien Westpolen a Litauen aus.

Mat vill Versprieche siecht hien dann och nach England op séng Säit ze kréien. Awer England hat mat Frankreich zesummen ~~en~~ Schutzpakt mat Polen.

Den 1. September 1939 faalen déi preisesch Arméien a Polen an, dofir erklären England a Frankreich ~~len~~ 3te September Deitschland de Krich. Dat war de Ufank vum 2te Weltkrich, op déen den Hitler systematesch higeschafft hat an déi och Lëtzebuerg ~~aus~~ ons Zwangsrekrutéiert vill Misère an Affer ofverlangt huet.

- Musek -

Animateur : Här Benoit, den Här Weirich huet ons elo erklärt wéi den Hitler systematesch op den 2.te Weltkrich hi manœvriert hat. Wéi hun déi Diddelénger Leit des Virkriuchszeit empfond an erliewt ?

Benoit : Déi Diddelénger, héi op der franséscher Landesseit konnten de Changement an Deitschland nët esou sichtlech erliewen a beobachten wéi d'Awunner lanscht s'Sauer an Musel.

Zwar waren Diddelénger mat aktiv beim schieberen, kumen esou déiseit d'Musel, waren den hellégen Rack op Tréier kucken, mâ konnte awer nët esou d'Bauen vun der Siegfried Linn mat allem dran an drunn aus de Wéngerten eraus beobachten wéi d'Miseler. Wat awer bei eis opgefall ass, dat war dass ganz vill Deitscher die héi zu Diddeléng gewunnt hun an op der Schmëlz geschafft hun zeréck an Deitschland gange sin, wéll et jo do sollt besser sin, an Aarbecht an der Rüstungsindustrie, an den Herman-Göringwerken zu Hannover an op den Autobunne fond hun.

Den Här Weirich huet vum Krich a Spunien geschwat an och vun hei waren zirka 25 Diddelénger de Republikaner géngt de Franco hëllefen. Et waren dest haaptsächlech Kommunisten. Mä awer och duerch dem Mussolini séng Erfolger an Abessinien an an Albanien gekoppelt mam Hitler séngen Succéen huet munech Italiener sei südlänesch Blut erëm gespuert an ass erëm zeréck a séng Heemecht gefuer. Dass do-duerch och munnech Klëppereien hei an Diddeléng entstane sin wo jo awer emmerhin ronn 2000 Italiener an 1000 Deitscher geliewt hun war onemgänglech. Speziell déi deitsch Nazikolonien sin ëmmer méi fresch gin an öffentlech mat "Heil Hitler" opgetratt.

Och déi Diddelénger hu gespuert dass deitscher Krichswollécken um Himmel hongen an kruten dat duerch éng Rei vun Mosnahmen praktesch virgefo'ert. Luftschtzbunkere si gebaut gin. D'Gemengeverwaltung huet e grëssert Quantum Sand bereetgestallt fir de Brand duerch Brandbommen onschiedlech oder aus ze machen. Am Büro No 39 am Stadhaus konnt een Bongen ofhuelen an da krut een de Sand a Säck heembruecht. D'Awunner gouwen am Architektbüro am Stadhaus iwert d'Handhabung vun dem Brandbekämpfungsgeschirr ënnericht. D'Leit hu sech Valisse a Säck kâfft fir wa se évakuéiert géwe gin. Wëll allgeméng ugeholl gouw dass wann Deutschland géiw a Lëtzebuerg amarchéieren d'Franzosen aus der Maginot Linn eraus héi hinne géiwe schéssen, d'Leit sech missten an d'Frankreich oder an d'Esleck retten. Déi puer privat Camionen a Camionetten waren och agericht gin fir kënnen als Ambulanz déi Krank aus dem Spidol ze evakuéieren. An deem Sënn hat och d'Gemengeverwaltung e Froebo ausgeschafft dée sollt un all Haushalt verdeelt gin fir un Hand vun dësen Informatiounen den Oftransport an Raumen vun Diddeléng ze organiséieren.

Déi nach schoulpflichteg Kanner kruten éng spéziel Identitätskart déi sollten an énger wasserdichter Enveloppe op der Bruscht mat énger Schnuer em den Halz droen.

D'Leit gouwen och gewarnt fir Grenzkomplikatiounen ze évitéieren nët ze no u Frankreich eru spazéieren ze goen. Esou z.B. nët iwert Eisenbunnslinien Bëtzebuerg - Diedenhuwen.

Besonesch sinn déi Diddelénger erschréckt wéi se geheiert hun dass Sufftgen, Kanfen a Wummeréng évakuéiert gouwen.

Beonrohegt huet och d'Obstellen vun sogenannten "Bürgerwehren" an de Südgeméngen. Esou sollten 3 Mann pro 1000 Avunner sech mëllen. Dem Appell héi zou hate sech béi eis 20 Männer gemëllt. Sie hatten Dingscht vu Owends 10 Auer bis muerges 4 a waren duerch e Brassard gezéchent.

Fir dass jiddereen aus séngem Flieger eraus sollt gesin wou d'Grenz vu Lëtzebuerg wir hun all 5 km lanscht Grenzen weiss Betonsbléck a Form vun éngem weiss ugestrachenem L d'Grenz gezéchent. Och zu Diddeléng sinn d'Leit dës Zéche kucke gangen.

Wéi dunn während der "drôle de guerre" d'Franzosen d'Grenz zougemaakt hatten an d'Grenzuertschaften evakuéiert, konnten och kéng Franzosen oder Lëtzebuurger déi déisäit gewunnt hunn op d'Schmëlz schaffe kommen

Am März 1940 huet d'Bauverwaltung an der Wuermeréngerstrooss teschend dem lëtzebuurger Zollbüro an der französescher Grenz eng Stohlepart teschend schwéieren Betonsbléck opgericht. Lanscht Musel waren des Parten schon 1939 opgericht ginn awer fir dass kéen vun onser Neutraliteit sollt zwiwelen gouwen dës Parten och elo lanscht d'französesch Grenz opegericht.

D'Zaldoten an Gendarmen déi mir op der Grenz no Wuermeréng a Sufftgen gesinn hun, hate Stohlhelmer op mat fir dem Groussherzogleschen Wappen. A fir se net mat der fransösescher Gard Mobil ze verwisselen war als Neutraliteitzéichen e 5 cm weisst Band ronderem den Helm.

Je, mir Diddelénger hunn och gespiert dass de Krich nët méi weit éwech war a ware frouh dass mir 1939 nach a vollen Onofhänghechkeet a Freed ons 100 Joer Onofhänggeheet konnte feieren.